# LUXi




# D'LETZEBUERGER ZU LAUTERN

# Letzëbuerger Studenten zu Kaiserslautern
# LSK a.s.b.l.

AAA / Universität Kaiserslautern
Postfach 3049 D-67653 Kaiserslautern Fax: +49 631 205 3599


## Waat dran ass ...


* De Ronneise mengt ____ 1
* GIVI ____ 2
* Aweihung ____ 3
* Dem Pinto séng Aweihung ____ 5
* 1. Bistropiade vum LSK ____ 6
* LSK-Sports ____ 7
* Werbung ____ 8
* Seriös Werbung, déi eppës abréngt ____ 9
* ANEIL, c'est quoi ? ____ 10
* Boursen, oder wéi kréien ech Goss erbäi ? ____ 12
* Waat gëtt ët Neies op der Uni ? ____ 15
* Geschichten, déi d'Liewe schreiwt, PART 1 ____ 17
* Nach e bësche Werbung ____ 18
* Geschichten, déi d'Liewe schreiwt, PART 2 ½ ____ 19
* Déi intelligent Säit ____ 22
* Vun hei a vun do ____ 24
* Die OH-Moleküle (Referat) ____ 26
* Ohne Worte ____ 27
* Emfro fiir de CPOS ____ 28



Rédactioun:

Producer: Letzëbuerger Studenten zu Kaiserslautern LSK a.s.b.l.
Chief editor: Ronneisen
Editors: (in alphabetical order) Didi, Gretsch F., Gibbes, Haary, Loullingen C., Sergi, Watgen M.

With special thanks to Anthony Lloyd for the cover, to Garage Réiserbann [redacted] for their kindly support.




### EYYYYYYH, BOOOO , EYYYYYYH !!!!

Erem e Luxi am Grapp .
Daat ultimativt Gefill haat dir bestëmmt schons laang nët méi, mee waat soll ech da maachen ???
Wou mer elo schons bei Nei sin : fir déi , déi ët nach nët wëssen, hei stellt sech och nach en neie Comité viir, an ech als Präsi wollt dem aale Comité op dëser Plaatz nach eng Kéier Merci soe fiir déi gudd Aarbecht am vergaangene Joër an ech hoffen, datt mir ët dëst Joër grad esou gudd
, wann nët esouguer villäicht nach e bessje besser wärte maachen .....
Esou kënne mer dann och a vollem Elan an daat neit Joër erasprangen ; déi eng oder aaner Aktivitéit ass schons gelaaf - ech géif esouguer behaapten gudd - an ech soen hei och deene Leit Merci, déi ëmmer prett si , fiir eng Hand matt unzepaacke, wa Nout um Mann ass.

An da wollt ech nach eppes lass gi, waat mir nach um Härz läit. Mir fällt nämlech op, datt sech eng gewësse Motivatiounslosegkeet ennert eis breet mecht, an ech hoffen, datt daat sech gaangs ännert.
Op eisem gudd gefëllte SS-Aktivitéitskalenner sti vill flott Aktivitéiten, an ech hoffen , déi eng oder aaner Gesischter do ze gesin, vun deenen, déi sech d'ganzt Joër an däischtere Kellere verstoppen.



Ech wollt dann och nach eis nei Membere begréissen an ech géif mengen, datt déi meescht vun iech sech och schons bei eis wéi doheem fillen, an ech hoffen, datt dir och fleisseg schafft an iech awer och nach gudd hei ameséiert, well daat gehéieret jo och derzou.

No deene puer Zeile bleiwt mir elo jhust nach fir iech all am Numm vum Comité fir daat kommend Joër vill Succès, eng gudd Gesondheet an e lëschtegt Clubliewen ze wënschen.

Ronneisen I.

# D'Generalversammlung 93

Den 13. Dezember war eis Generalversammlung am HS 46-280 op der Uni an daat ganzt um 20.00 hrs. 64 Leit (vun 124 !!! ) haaten sech afont fir op daat vergaangent Joër zeréckzekucken an d'Zukunft vum Neien an d'Wéer ze leeden. A sénger Usprooch huet de Maiers d'Membere begréisst, huet dem Comité Merci gesoot fir séng gudd Aarbecht an iwwert déi allgemeng problematesch Rézessioun geschwaat, déi och eise klenge Club nët verschount haat. Duerno huet de Schultz den Aktivitéitskalenner vum läschte Joër viergelies, an dorop stounge 27 Aktivitéite, wou den LSK soit selwer organiséiert, soit duech eng Delegatioun vertruede war. An da gin et nach ëmmer Leit déi hei behaapten , et wier näischt lass am LSK Duerno huet den Ronneisen a sénger Fonktioun als Dagobert ( Née, nët déen aus dem Karstadt) Thalerzähler de Kéesserapport gemeet, déen zwar liischt défizitär war am Vergleich zum Ofschloß vum läschte Joër aus Grënn, déi jo jidderee kennt. Eis soll et nët besser goë wéi der A.R.B.E.D.. An d'Revisóren haaten well daat selwëcht Resultat eraus fonnt, also eng 1.0 fir de Ronneisen. An der Tribune Libre ass dun iwwer de Club diskutéiert gin, iwwert Gehäkels mam AStA an iwwert deen eenzegen Problem, deen een ni an de grëff kritt > déi Randsbéischter déi ëmmer hieren eidelen Teller um Luxi-Dësch stoe loossen !!! De Rom huet eis duerno nach eng Kéier kuerz d'ANEIL virgestallt a Reklamm fir hier Rées op Hamburg op d'Reeperbahn gemaach. Duerno ass den aale Comité op d' Décharge geheit gin an déi nei Candidature goufen ausgeruff. Fir 9 Plaatze woren nëmmen 8 Leit do , déi sech gemellt hun. No der enger oder aanerer Diskussioun huet dun de Pino säi Courage ënnert sénger Mutz eraus geholl (Quizfro: Schléift hien och domatt ? ) a séng Candidatur gestallt. Par acclamatioun gouf dann de Comité gewielt, de wéi folgt ausgesäit:

| | | | |
|---|---|---|---|
| Präsi | : | Daniel Ferron | ( Ronneisen ) |
| Vize | : | Jerry Bucari | ( Bacardi ) |
| Sekretären | : | Marc Ludwig | ( Pécé ) |
| | | Patrick Biver | ( Fierschter ) |
| Kéesié | : | Claude Loullingen | ( Claudi ) |
| Sport | : | François Gretsch | ( Frenzy ) |
| Cool-tour | : | Olivier Pegel | ( Olli ) |
| 1. G.O. | : | Luc Haagen | ( Hary ) |
| 2. G.O. / Magasinié | : | Georges Majerus | (Pino ) |
| Revisör de Kées | : | Marc Lentz | ( Vinc ) |
| | | Marco Oms | ( Mr. Comité) |

Duerno huet de neie Präsi d' AG fir kloturéiert erklärt an huet séng éischten Amtshandlung begaang an den traditionnelle Patt fir d'Memberen offréiert. Eng halwer Knëppel méi spéit ( esou rechnen se zu Tréier ) ... wéi héescht et esou schéin am Heino séngem Lidd " Keiner weiß was dann geschehen ist......."

Ronneisen & Frenzy



## D'Moritat vun der Aweihung

Als Drettsemestler war et dest Joer un eis. déi traditiounsraich Aweihung durchzezéjen. An enger rei Owenter hun mir also eisem Saddismus fräien Laaf geloss an "im Schweisse unseres Angesichts" d'Aweihung viirbereed. Ernimmt sief hei awer eisen "trésorier du comité d'organisation de l'inauguration des 1er semestres 1993/94" . den Här François Gretsch. deen an sengem engagement net ze iwertreffen war.

Hei déi 15 Gladiatoren vun deser Aweihung:

Agnes Bob
Bisenius Marcel
Diederich Marc

Juttel Tom
Lies Claude
Nanquette André
Müller Marc
Pegel Olivier
Pfeiffer Tom
Pires Pinto François
Polverari Marco
Schons Joel ( alias Zico )
Weis André
Welter Roland
Wodelet Michel

wéi ëmmer ouni Garantie.

Elo awer zur Aweihung selwer: No enger gudder Schlipchen miseler Drëpp am Foyer, gong et mam Bus an d'Stadt, wou vun all Equipe ( déi giel, greng an déi violett ) een um Kreschtmaart , mat engem Zuelenschlass, un e Luuchtenpotto ugestreckt war. D'Nummer haaten d'Kandidaten um Asch stoen. De Witz bei der Saach war, wéi kinnt et aneschters sinn, e Passant derzou ze iwerrieden d'Box erofzestrëppen an de Kandidat ze befreien. Dat dobäi eng Equipe ( ech well jo net verroden dat et déi giel war ) ausgerechent eng Koppel Jongen ugeschwaat huet, konnt jo keen dreemen.

Uschléissend goung e op dee klasseschen Cafés-tour wou ech selwer e bessen vum Holzwurm erzielen wëll. Do haaten mir e klengen Maufel als Apéritif op eng Laternchen präparéiert. Dese Maufel bestung aus 4 mat Tabascco präparéierten Negerküssen. Vir d'Wirkung ze testen konnten mir den laangen Markus an de Glubsch vun enger onfraiwellecher Degustatioun iwerzeegen.

Bei den Equipen selwer huet sech eis en ganz ennerschidlecht Bild gewisen. Déi éischt Equipe déi bei eis passéiert ass. huet déi Negerküssen an enger Rekordzäit verdreckt dat et net méi schéin war. Ouni Zweifel war daat op deen nach top fitten Zoustand vun der Equipe zereckzeféiren.
Déi zweet Equipe war schon méi ugeschloen an de Widerstand géint eis Epreuve ass gewues.
Absolut déi bescht war awer déi lescht Equipe déi mat gréisseren Orientatiounsproblemer bei eis agetraff ass. Op Grond vun hirem Zoustand haaten mir alt, präventiv fir den Noutfall, eng Kartongskescht bereetgehaalen. An dun ass et lass gaangen; deen sos esou resistiven Bob konnt säin Ekel net iwerwannen wir déi Negerküssen erofzeschlecken. Dem Weis André sain Kapp ass op emol déif an der Kartongskescht verschwonnen an zum Viirschäin koum eng Pizza no allen Reegelen vun der Konscht. Den Nanguette André huet an enger heroescher Eenzelaktioun des Staffel ofgeschloss.

No dem Tour durch d'Cafeen gong et iwert den Vis-à-vis an de Kramladen wou dee leschten Douscht nach konnt geläscht gin. Op deser Plaatz mussen mir dem Pino an dem Pinto fiir hiren aussergewéinlechen Alkoholkonsum merci soen. An dem Pinto sief och nach eng Kéier fiir sain formidablen Obtrett gedankt ouni deen eis sympatesch Feier secher u Reiz verluur hätt. Gudd gelaacht haaten mir och mam Wodelet's Mich. Nodeems hien op der Toillet agepennt war, ass him an engem kloren Moment de Satz vum Daag agefall: "Kann ee mech an d'ESA féiren ?"

Mä "Rache ist süß", well och dest Joer war et den Eischt-semestler gegönnt fiir den Präsi ze entweihen. Gott sei Dank ass d'Zementgemech net ganz gelongen gewiircht, soss géing den Tom haut als Statue beim letzeburger Desch stoen.
Mat dem obligatoreschen Diplom hun mir dun eng gelongen Aweihung 1993 ofgeschloss.

Am Numm vun den d'Drettsemestler, Claude Loullingen



# Dem Pinto séng Aweihung oder Wéi kréien ech e Rass an de Film ?

Super! Aweihung. Ech sin derbäi. Oh, ech sin an der grénger EQUIPE. Le "gréng Equipe". Saugudd, ech si frou. Houer Drëttsemestler; schons eng Drëpp saufen, ehr ët lass geet, an da kritt een och nach Faarw an d'Zifferblaat geschmiert. Oh, mär fuere mam Bus an d'Staadt. Ech mengen, ech spieren déi Drëpp do schon a ménger Biir........Houer Schéiss, eh houere Schäiss ....Waat soll daat ????? Wiesou gi mir elo hei um Weihnachtsmarkt matt enger Ketten un eng Dänn gestréckt ???? Wiesou steet dann d'Nummer vum Schlass op méngem Contraire vum Fiischten ??.......... Juttel....... Juttel, maach mir eng Zeechnung !!!!!!.............Waat soll ech da maachen ?????......(panic...panic....more panic).....Zico, ech hëllefen dir, wanns du de Ronneise frécks !!.........A ween deet mier dann do elo d'Box aus ?.../......../.....( hien ass an d'äppel gefall, mee fier dech ze berouegen, ët wor eng Moss aus dem Heinrich - Heine - Gymnasium )............( Niwwel )......Oh, mir sin am Hannen- Fass....... Wéi sinn ech dann... oh nee, nët schon ërem en Humpen.....glugluglugluglu .... an Hëpp, deen nächsten nom nächsten nächsten...... Ech muss .......glugluglu .... ech mengen ech muss mir déi Humpen do nach eng Kéier duerch de Kapp goe lossen........ hicks......Wiesou e Seel an d'Box ?...... Auaaaaaaaaaah, méng Coui.......Fiirwaat dréit mir alles ????.................( de Niwwel gett ëmmer méi dicht ).....Nët schon ërem drénken............ex hoppp .......BLABLABLABLU...... Elo schwätzen ech och schon ërem Sch........Hefe, nach méi Hefe..........Seef?........Kättche , Kättche; loos mer nach ee fletschen......... Aapel a Wasser ? Wiesou muss ech dann....... egaaaaaaaaaaal.....ech versti jhust nach Humpen an extrapoléiert Gedanke zéien sech een a mengen Hierken...eh...Hieren ..... oder eisen ????..... /........ /....(Anm. der Redaktion: elo kritt hien eng Zäitschen näischt méi matt).....



Laterndl........Ech hassen Negerkussen, och wann se matt Tabasco gefëllt sin............A waat mëcht da mäi Kapp hei am Komp ??........Weider......./......../.....(erëm en Ausfall )......Stiwwel saufen....Ech sin erëm fit...........an ech ersaufen am Béier ..........hëllef / ..... /......(do schléift hien en Ament am PEP op der Toilette )....--- A Pinto, drénks du nach e Warsteiner matt mir ? ----......Neeeeee, Jooooooooo Bousse Bern...../......./..(e fällt beim Comptoir ëm).....Busfuere mam Ronneisen, daat ass jo de Bäschten .......... Kramladen........(dëcken Niwwel )........Oh, de Péitruss drénkt och matt den Engele Warsteiner..........Hëllef, ech wëll nët stierwen........ Tatü......Tatü.... Tatü......ASB....
Tatü.......................................................................................................................( daat elo ass de klenge Rass am Filmchen )

"Einen schönen, guten Morgen, wie geht es Ihnen ?"
Waat maachen ech dann hei, a wiesou 612 DM ??????????????????????????????????????

E neutrale Beobachter, deen alles notéiert haat



# 1.Bistropiade vum LSK

De 27. Januar war ët esou wäit: déi éischt Bistropiade vun LSK ass am Metal-Keller vum Stapel gelaaf. Bistropiade, d.h. an 3 Diszipline, Darts, Kicker a Billard hun Equipe vun 2 Leit probéiert, sech duerchzesetzen. Daat ganzt wier och fir Atlanta nominéiert gi, wann de Samaranch nët esou voll gewierscht wier. 24 Equipen haate sech deem Challenge gestallt, dorënner 2 vu Saarbrécken an 3 vun Tréier. Opgedeelt an 3 Poule vun 8 hun si no engem einfache komplizéierte System géintenee gespillt. Et huet een immens vill flott Matcher konnte gesi, well d'Leit hu sech Méi gi; jidderee wollt eng vun deene 4 wonnerschéine Coupe matt heem huelen. Um 20 op 1 an der Nuet wor ët dann endlech esou wäit : d'Gewënner stounge fest.

| | | |
|---|---|---|
| Gesamtgewënner | : | Pino & Pinochen |
| Gewënner am Billard | : | Charel & Gerry ( LSS ) |
| Gewënner am Dart | : | Charel & Gerry (LSS ) |
| Gewënner am Kicker | : | Forti & Matthias |

Et huet elo nët vill Wert, fiir elo och nach iwwert all déi flott Matcher ze schreiwen, déi gebuede gi si; déi Leit, déi do woren, hun se gesin, déi aaner si selwer schold. Datt ët esou laang gedauert haat, louch dorun, datt verschidde Leit beim Billard furchtbar geträntelt haate, sou datt mer a Verzug gerode waren. En aanere Gewënner war och nach de Wirt; hien haat dem Gesamtgewënner eng Fläsch Jackie gesponsert, an duerno haat hien eng Woch zougemeet an ass matt sénger Fréndin op Palma geflunn. ( JOKE ). Als Réckbléck kéint ech behaapten, alles in allem hätt ët fir déi éischt Ausgaab gudd geklappt, ausser den Diplomer, wou mer eis en taktesche Fehler erlaabt haaten; mee maacht Iech keng Gedanke, si sin an de ronnen Dossier aklasséiert gin.
Esou hoffen ech, datt déi nächst Editioun grad esou gudd besicht gëtt wéi déi hei an ech soen eise Frënn vun deenen aanere Cercle'n Merci fiir hier Präsenz.

Zum Schluss wollt ech nach e puer Equippen ernimmen, déi duerch aussergewéinlech Leeschtungen opgefall sin :

* De **Pegel** an de **Lies** woren aussergewéinlech schlecht.
* De **Vinc** an de **Maiers** haaten ët mam Trick 17 probéiert, mee eisen Arbiter wor méi fex, wéi si geduecht haaten.
* Den **Eschi** haat geduecht, hie kéint seng Géigner matt senger Fréndin ooflenken. Ganz schéin a gudd, mee da muss een sech awer nët selwer ooflenke loossen a vergiessen, datt ee bei 6-0 ënnert den Dësch muss.
* **Cortinas hiire Luc** wor deen eenzegen, deen ët färdeg bruecht haat, dem Präsi e Wodka-Feige missen ze spendéieren.
* De **Pin** an de **Pinochen** haaten am Fong iwwerhaapt keng Loscht, fir erëm eng Kéier en Tournoi ze gewanne, well 2 Deeg viirdrun haate si schons e Billardstournéier gewonne, wou si eigentlech wollte Kicker spillen .
* De **Gibbes** an d'**Christiane** bréngen ët färdeg, matt zouenen Aan Dart ze spillen, an esou och nach an d'Final ze kommen.

Ronneisen



SPORT

# TOURNOIS DE NOËL 1993

Wéi zënter e puer Joër hat och 1993, d'LASEL den 28. & 29. Dezember op hier "Coupes Universitaires " , och besser bekannt als " Tournoi de Noël " invitéiert. Den LSK haat fir die 3 Tournoi'en ( Basket-, Volley- an Football ) séng Equipen ageschriwwen. An déi eenzel Resultater sin ganz ennerschittlech ausgefall.

Nodeems d' Basketballer op eng Partie vun hire Star'en huet missen verzichten war vum Resultat hier nët vill dran. Eis Personalnout war esouguer esou grouss dat eisen "Coach ", den Hari huet mussen op den Meiers zeréckgreifen. Et wor dann och nët verwonnerlech daß mer mat nëmmen enger Victoire iwwer Montpellier dei 12. ënner 14 Teams goufen .

Eis Volleyballer ugeféiert vum Schultz konnten eng gudd 7. Plaatz errechen. Hier Participatioun war awer baal un der Meederchersklausel gescheitert. Mais glécklecherweis huet d'Claudine wann och mat engem ge-"tape"-ten Daum matgespillt an duerch Leihgaben vun aneren Uni'en konnt d'Situatioun awer gerett gin. Déi Verantwortlech sollen sech awer déi Regelung nach eng Kéier duerch de Kapp goë lossen.

Den Dag drop huet eis Footballséquip du misse weisen dat se keng "Schönwetterfußballer" sin. Sie hun déi Aufgab och zimlech gutt geléist a matt enger 7. Plaatz konnte sie dat gudd Resultat vun 92' bestätegen. De Klengen wor allerdengs e bessen zevill éiergeizeg an en huet gemengt wann et no fir nët klappt dann alt no hannen. Geduecht, gemach an esou huet hien säi Goalkeeper dun och 2x (!!!) iwwerrascht ( jo, mais wann den Tôpert sech iwerrasche léisst).

Zum Schluss sief nach den Verantwortleche vun der Goodyear a vun der LASEL Merci gesot dat sie déi Tournoi'en erméiglecht hun an och e groussen Merci un d'Féderatiounsarbiteren datt sie en Dag geaffert hun fir peiffen ze kommen.



François Gretsch




# Vitaler kräftiger Männlicher

**Sie bewundert ihn!**

Er hat sich so verändert! Vom schmalen Jüngling zum kraftvoll-energie-geladenen Mann!

**So schaffte er es:**

Nachdem er vieles versucht hatte, sah er einen Artikel über *Schweine Koteletts*. Er las davon, daß man einen unverbindlichen Versuch machen kann - und er tat es! Erlebte den Erfolg und ist froh, den Versuch gemacht zu haben!

**Machen Sie es auch!**

Sie haben heute die gleiche Chance! Entschließen Sie sich jetzt! Tun Sie es gleich! Bald werden Sie den heutigen Tag nie wieder vergessen! Als Ihren Glücks-Tag! Schreiben Sie gleich!

**BON**

An *BOUSSE BERN*
*141, rue de Lux.*
*ASSEL*

Ich erhalte völlig unverbindlich eine Originalpackung *Schweinekoteletts (1 kg)* volle 10 Tage auf Probe.

Nur wenn ich die Kurpackung behalte, überweise ich den Betrag. Andernfalls schicke ich die angebrochene Packung zurück, und die Angelegenheit ist für mich erledigt.

Ein Mann sein, der alles kann!

DIN 10.733 875.150.001

*Deemols, zu ASSEL um Haff ...*

*Vertriedung zu Lautern:*

*Kurt-Schumacherstraße 16*
*Tel.: 17883*

*Ohne Worte ...*

**Größer werden**



können Sie in jedem Alter und in kurzer Zeit nach unserer in allen Kulturstaaten verbreiteten wissenschaftlich und ärztlich bearbeiteten Methode — Anerkennungsschreiben aus aller Welt. Ausführliche illustrierte Prospekte erhalten Sie kostenlos und diskret zugesandt.

**OLYMP G2**
Institut für Körperkultur
Frankfurt/Main, Niddastraße 60b
früher Elbestraße 50

*fir de Klengen ...*



**Schön anliegende Ohren**
Wenn Sie wüßten, wie einfach es ist, absteh. Ohren n. d. mod. A-O-BE-Verfahren in 5 Minuten selbst unsichtbar anliegend zu formen, wären Sie begeistert! Preis komplett DM 9,80 + Nachn. (Illustr. Prosp. gratis) Lieferg. auch ins Ausland! A-O-BE-Labor, Abt. U 66 (22a) Essen, Schließfach 68.

*fir den Ex-Tromnon*



**MUSKELN** eine herrliche Athleten-Figur und Kräfte wie Herkules, schnell und spielend geschaffen! So können auch Sie aussehen! Sie haben Erfolg bei Frauen. Ihre Freunde bewundern Sie. Nur durch Weltmeister-Methode der Star-Athleten. Orig. Body-Building mit voller Erfolgsgarantie. 200-300% mehr Kraft und ausgeprägte Muskulatur. Kostenl. Anleitung von **Herkules Sport** München 1 · Postfach 767

*Hei, de Lies !! (mat Muskelen !??)*




TOTAL

# TOTAL HOWALD S.A.

Diederich/Sinner

- Ouvert le samedi
- Montage pneus
- Vidange rapide
- Selfservice
- Bancomat 24/24 h.

235A, route de Thionville
L-5885 HESPERANGE
Tél. 40 83 10 – Fax 48 83 08

TOTAL

# Garage RÉISERBANN

Diederich/Sinner

- Selfservice
- Bancomat 24/24 h.

Zone Industrielle
L-3378 LIVANGE
Tél. 51 94 51 – 51 94 52

Association Nationale
des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois
Siège Social: (A.L.I.)
4, bd Grande-Duchesse Charlotte
L-1330 Luxembourg

ANEIL

affiliée à l'Association Luxembourgeoise
des Ingénieurs (A.L.I.)
et à la Fédération Internationale des
Associations Nationales
d'Elèves Ingénieurs (F.I.A.N.E.I.)

# Wer oder was ist die A.N.E.I.L. ?

Def.: *"Magisches Sphärengebilde, freischwebend durch Hyperraum und Proportionalzeit, unabhängig vom Kehr- und Putzwert der astrologischen Sinnesumwandlung durch kleine grüne Männchen."*

Für alle, die sich das nicht so bildlich vorstellen können, will ich es folgendermaßen erklären:

Die ANEIL ist die Luxemburger Ingenieurstudentenorganisation, mit Sitz in Luxembourg. Die ANEIL ist absolut unabhängig von allen politischen, parteipolitischen und gewerkschaftlichen Institutionen und arbeitet völlig selbständig.

Sinn und Ziel der ANEIL ist es, einen nahen und intensiven Kontakt zwischen allen Ingenieurstudenten und der Industrie zu pflegen. Durch die ANEIL werden der Industrie die beim Ingenieurstudium entstehenden Probleme nahegebracht, während die Industrie uns die realen Anforderungen im späteren Beruf erläutert. Durch Firmenbesichtigungen und -gespräche bieten wir unseren Mitgliedern die Möglichkeit, schon vor Studienabschluß einen näheren Blick in die verschiedenen Firmen zu werfen. Dadurch kann sich der angehende Ingenieur eine Vorstellung vom wirklichen Berufsleben machen, und dies bei der späteren Wahl seines Arbeitsplatzes berücksichtigen. Die ANEIL ist ebenfalls bestrebt, den Arbeitsmarkt ständig im Auge zu halten und alle Veränderungen desselben ihren Mitgliedern mitzuteilen. Dieses wird möglich durch die Besprechungen des Vorstandes mit nahezu allen Personalchefs der Luxemburger Industrie.

Neben den regelmäßigen Firmenbesichtigungen organisieren wir jedes Jahr am Karfreitag die "Table Ronde" in der Chambre de Commerce. Dort hat dann ein jeder die Möglichkeit mit über 18 Firmenvertretern in "zwangloser" Umgebung über alle anliegenden Fragen zu diskutieren. Daneben wird im Mai ein Seminar abgehalten werden, bei dem ein Consulting Unternehmen vorträgt, wie ein Vorstellungsgespräch abläuft und wie man sich da zu verhalten hat.
Zweimal im Jahr veranstalten wir eine Reise, bei der Besichtigungen von interessanten Firmen im Ausland auf dem Programm stehen (Bsp.: Toulouse - Airbus, Bruxelles - CCE, Hamburg - ICE, AKW Brockdorf, etc.)

Im Oktober jeden Jahres findet dann die Aufklärungskampagne "Firwat nët Ingénieur" in den luxemburger Schulen statt, die die SchülerInnen der Abschlußklassen über das Ingenieurstudium informiert.

Außerdem erhalten alle Mitglieder 4 mal jährlich die ANEIL-Zeitschrift, den "Bulli". Wir bieten zudem das ganze Jahr über jedem die Möglichkeit an, sich in den sogenannten "Firmen- und/oder Stagenfichier" einzutragen. Da wir regelmäßig Praktikastellen von der Industrie angeboten bekommen, können wir auf Wunsch die abhängig von der Ausbildung in Frage kommenden Personen kontaktieren und weiterleiten.

Insgesamt stellt die ANEIL mit rund 350 Mitgliedern etwa 75% aller luxemburgischen Ingenieurstudenten dar. Daß wir dadurch ein recht bedeutendes Gewicht



bei der Industrie und auch den öffentlichen Stellen haben, dürfte wohl jedem klar sein.

Wenn Du also an der ANEIL interessiert bist, jedoch noch immer keine Mitgliedskarte hast, kannst Du Dich bei einem von uns melden:

Christian Diederich, Präsident, 0631-45324
Romain Betz, Rel. Pouvoirs Publics, 0631-10356
François Gretsch, Bulli, 0631-25533.

Ansonsten Vorsicht: *"Extrapoléiert Gedanke si Gedanken, déi sech vun de physësche Sphären eloignéieren!"* Zitat Pletsch in Delirium bistromens.

Didi.

WANN DIR PROBLEMER AM LIEWEN HUTT,

Marc Lentz

cand.-ing.

Kurt-Schumacherstr. 14
D-67663 Kaiserslautern
Tel.:0631/25909

Tel :00352/328387
20,rue Ad. Bouvart
L-7519 Mersch

TAPEZ 3615 VINC
HOTLINE 24H/24

BOURSEN FIR LËTZEBUERGER STODENTEN

EN KURZEN IWERBLÉCK

1/ **Bourse/Prêt vum Staat ('Aide Financière de l'Etat pour Etudes Supérieures')**

Dës 'Aide Financière' gët ët ënner 3 Formen: engem Prêt remboursable (zu 2%), enger Bourse non remboursable an enger Kombinatioun vun Bourse an Prêt.

Den Prêt kann een ouni Problemer kréien, während d'Bourse ofhängech vun der sozialer an finanzieller Situatioun vum Stodent an sengen Elteren gewährt gët.

D'Aide gët jeweils fir een Joor bewëllecht, an all Semester ausbezuehlt. Den Maximalsaatz pro Joor leit zur Zait bei 234.000,- FLUX (Bourse an Prêt zesummen)

Weider Informatiounen kritt Dir beim CPOS (tel: 456464 621/622/623)

2/ **Bourse 'Virdiplom'**

Zënter 1992 gët et vum Lëtzebuerger Staat eng 'bourse non remboursable' vun 40.000,- FLUX fir en bestaanenen Virdiplom. Fir déi ze kréien, rifft een beim CPOS (tel. 456464 621/622/623) un, fir d'Demande geschëckt ze kréien. Dës fëllt een aus, leet eng Kopie vum Virdiplom bei, an gët natiirlech seng Kontosnummer un.

3/ **Bourse vun der Gemeng**

Baal all Gemengen aus dem Ländchen sinn bereed, hiren Stodenten bei Virlaach vun enger Immatrikulatiounsbescheinigung oder engem Virdiplom een klengen Subside ze bewëllechen. An der jeweilecher Gemeng nozefroën lount sech (baal ) ëmmer.

4/ **Bourse 'Formation Recherche' (fir den '3$^{e}$ Cycle')**

Lëtzebuergesch Forschungsprojekter oder Promotiouns- oder Forschungsarbechten, déi am Intérêt direct vun der Lëtzebuerger Wirtschaft stinn, kënnen matt enger Bourse bis zu 3 Joor an engem Montant bis zu 40.000,- FLUX pro Mount gefördert ginn.
Ob en Projet fir Lëtzebuerg interessant ass, gët ënner strengen Gesiichtspunkter vun enger Jury entscheed.



Demanden heizou kënnen laafend beim Här Paul Lenert vum Ministère de l'Education Nationale (tel. 478-5215 ) angereecht ginn. Hei ginn ët och weider Informatiounen.

5/ **Bourse 'ERASMUS'**

Lëtzebuerger Stodenten, déi mindestens am 3. Semester sinn an Loscht hunn, fir en Zaitraum vun 3 - 12 Méint an engem aaneren Land vum Europäeschen Wirtschaftsraum (EWR) ze studéieren (an duerno nees op Lautern zerëckzekommen) kënnen sech um ERASMUS-Programm (demnächst SOKRATES-Programm) vun der EG bedeelechen.

Wéi déi daitsch Kollégen froot Dir bei ärem Fachbereich op der Uni oder och am Auslandsamt, waat fir eng Proffen ERASMUS-Plaatzen unbidden, an bewerbt Iech méiglechst matt Zeiten em esou eng Plaatz. Am Géigensaatz zu den daitschen Komilitonen kritt Dir awer ärt Stipendium iwer Lëtzebuerg, waat Dir dem Proff onbedengt virdrunn soën mußt.

Méi genee Informatiounen ginn ët am Auslandsamt op der Uni (tel. (KL) 205-2233).

6/ **Bourse 'DAAD' fir Lëtzebuerger**

Den DAAD zu Bonn stellt Lëtzebuerger Stodenten an Daitschland, déi mindestens Virdiplom hunn ca. 5 Boursen pro Joor zur Verfügung. Auswahlkriterien bei dëser Bourse sinn blendend Leeschtungen am Studium, 2 Gutachten vun Proffen an eng gudd Motivatioun.

D'Bewerbungsverfahren gët all Joor durch eng Mattdeelung an der Press ('Luxemburger Wort') bekannt ginn. Weider Informatiounen am Auslandsamt (tel.: (KL) 205-2233).

7/ **Bourse 'DAAD' fir EG-Stodenten an Daitschland**

Zënter kuerzem kënnen EG-Stodenten an Daitschland -wei déi daitsch Stodenten och- eng Demande beim DAAD zu Bonn anreechen, fir eng Auslandsbourse ze kréien. Bei dëser Art vun Bourse spillen d'Studienleeschtungen an d'Motivatioun vum Kandidat eng grouß Roll.

Fir en Jooresstipendium an Europa (nët an Daitschland) ze kréien muß een mindestens den Virdiplom hunn, fir en Stipendium an USA resp. Iwerséi brauch een sugur den Diplom.

D'Héichschoul am Ausland vermëttelt den DAAD nët, déi muß een sech selwer sichen. Bewerbungen sinn am Auslandsamt anzereechen, an zwar bis Enn Juni **1994** (USA, Canada, Australien), bzw. Enn Oktober **94** (Europa) fir d'Studienjoor **95/96**

Den Montant vun der Bourse leit bei ca. 1000,- DM -2.000,- DM je no Land an akademëschen Ofschloss vum Bewerber.

Weider Informatiounen ginn ët beim Nicole Gensler am Auslandsamt.

**8/ <u>Bourse 'Doc / Post-Doc' vun der EG-Kommissioun</u>**

D' Zielgrupp sinn Doktoranden aus den Ingenieurwëssenschaften an 'Post-Docs' an den Naturwëssenschaften;

D' EG-Kommissioun finanzéiert heibei en max. 2 - 3 Joor dauernden Forschungsobenthalt an Europa (EG- & EFTA-Staaten). Lëtzebuerger déi an Daitschland studéiert hunn, kënnen dobai awer weder Daitschland nach Lëtzebuerg als Zielland fir hier Forschungsarbecht wiëlen. D'Boursen variéieren - je no Zielland an Qualificatioun vum Bewerber - zwëschen 70.000,- an iwer 100.000,- FLUX (heibei ginn allerdengs nach Steieren an Soziallaaschten of).

Weider Informatiounen beim EG-Referat op der Uni (tel: (KL) 205-2233 oder -3598).

**N.B. Dës Lëscht ass ouni Gewähr an erhiewt keen Usproch op Vollstännechkeet.**

**gez. Marc Watgen (AAA Uni KL)**

**Stand: Abrël 1994**





# Gemeinsamer Studienführer für zwölf Hochschulen in vier Ländern

Ein wichtiges und beispielgebendes Zeichen einer geglückten grenzüberschreitenden Zusammenarbeit sieht die rheinland-pfälzische Landesregierung in dem gemeinsamen Studienführer für zwölf Hochschulen der Großregion Saarland-Lothringen-Luxemburg-Trier/Westpfalz und der belgischen Wallonie.

Regierungssprecher Herbert Bermeitinger sagte dazu, der gemeinsame Studienführer sei eines der wichtigen positiven Ergebnisse der vor zehn Jahren gegründeten Charta-Hochschulkonferenz der Großregion.

Innerhalb der vier Mitgliedstaaten der Region gibt es derzeit rund 70 000 Studierende. Der erste gemeinsame Studienführer erscheint als „Guide de l'Etudiant" auch in französischer Sprache. Text und Druck entstanden in Trier unter der Leitung des Charta-Vorsitzenden Prof. Dr. Jörg Hasler.

Der gemeinsame Studienführer informiert über die Unterschiede der Hochschulsysteme in Frankreich, Deutschland und Belgien. Er gibt auch gezielt Hinweise, wie ein Studium an den beteiligten Hochschulen von der Einschreibung über Wohnungsbedingungen, Unterhaltskosten oder Krankenversicherung bis zum Studienabschluß organisiert werden kann.

Der Grundstein für die grenzüberschreitende Zusammenarbeit in Forschung und Lehre wurde 1984 in Pont-à-Mousson gelegt, indem zunächst sieben Hochschulen der Saar-Lor-Lux-Region eine Vereinbarung (Charte) unterzeichneten. In den Jahren 1985, 1988 und 1990 traten weitere Hochschulen aus der Großregion Saar-Lor-Lux-Trier-Westpfalz-Wallonien diesen Charta-Vereinbaru gen bei.

Heute gehören dieser „eur päischen Hochschullandschaft i Vierländereck" aus Rheinlan Pfalz die Universitäten Trier ur Kaiserslautern sowie die Fac hochschule Rheinland-Pfalz n den Abteilungen Idar-Oberstei Kaiserslautern und Trier an; a dem Saarland sind es die Univer tät des Saarlandes sowie die Hoc schule für Technik und Wirtscha Aus Belgien hat sich die „Fond tion Universitaire Luxembourgec se, Arlon" aus der Region Walloni Provinz Luxemburg den Chart Vereinbarungen angeschlossen; Frankreich sind es ausschließlic Hochschulen aus der Region L thringen, und zwar die Universit Metz, die Ecole Nationale d'I génieur in Metz (ENIM), die Ur versitäten Nancy I und II und d Institut Polytechnique de Lorra ne, Nancy (INPL); aus Luxembu beteiligt sich das „Centre Univers taire de Luxembourg.".

Fir Marc WATGEN

Artikel "Luxemb. Wort" vom 25-4-94

⇒ ze kreie beim Prési oder direkt am AAA!

# Lange Studienzeiten rechtfertigen

## Uni-Präsident Landfried gegen Exmatrikulationen - Späte Prüfungen begründen

KAISERSLAUTERN (jüm). Prof. Klaus Landfried, der Präsident der Universität Kaiserslautern, lehnt Zwangsexmatrikulationen von Langzeitstudenten als „untaugliches Mittel" ab. Statt dessen plädiert Landfried, der auch Vizepräsident der Hochschulrektorenkonferenz ist, dafür, daß Hochschüler nach bestimmten Fristen begründen müssen, warum sie sich noch nicht zu Prüfungen angemeldet haben.

Damit wies Landfried gestern gegenüber der *Rheinpfalz* Vorwürfe des Allgemeinen Studierendenausschusses (AStA) der Universität Kaiserslautern als „groben Unfug" zurück, er habe sich in der Senatssitzung der Hochschule vom 9. Februar für Zwangsexmatrikulationen nach dem 14. Semester ausgesprochen. Der Präsident zeigte sich gleichzeitig erstaunt darüber, daß der AStA interne Beratungen in die Öffentlichkeit getragen habe.

Hochschüler mit extrem langen Studienzeiten seien eine seltene Erscheinung, begründete der Präsident seinen Standpunkt. Er sei aber grundsätzlich dafür, solche Studenten an ihre Verpflichtung gegenüber dem Steuerzahler zu erinnern. Dies könne durch den schrittweisen Entzug der finanziellen Vorteile geschehen, die mit dem Studentendasein verbunden seien. Als Beispiele nannte Landfried verbilligte Eintrittskarten oder günstigere Tarife. Die Einführung von Gebühren lehne er aber ab. Sie seien verwaltungsmäßig schwer zu machen.


Auch sei er dafür, daß sich Studenten zumindest rechtfertigen müßten, wenn sie sich nach bestimmten Zeiträumen nicht zur Prüfung angemeldet hätten, sagte Landfried weiter. Man könnte darüber nachdenken, eine solche Erklärung nach dem sechsten oder 14. Semester vorzusehen. Jeder Fall müsse aber individuell geprüft werden. Habe ein Student beispielsweise nebenher aus familiären Gründen arbeiten müssen und habe sich deshalb die Studiendauer in die Länge gezogen, dürften ihm daraus keine Nachteile erwachsen. Sollte ein Hochschüler allerdings keine stichhaltigen Gründe für eine überlange Studiendauer nennen können, müsse unter bestimmten Voraussetzungen auch der Verlust des Prüfungsanspruches möglich sein.

Ausdrücklich bezeichnete Landfried „Freischuß-Regelungen" als eine gute Lösung, um die Prüfungsangst abzubauen und die Studiendauer zu verringern. Sämtliche Bemühungen um eine Verkürzung der Hochschulzeiten hätten allerdings nur dann Aussicht auf Erfolg, wenn die materiellen Voraussetzungen - wie ausreichende Mittel für Tutorien etwa - geschaffen würden, erklärte der Universitäts-Präsident. Als „kontraproduktiv" kritisierte Landfried die Bafög-Neuregelung des Bundes. Sie seien nicht geeignet, um die Studiendauer zu verkürzen.

à titre d'info






Nach e bessjen Werbung








# Geschichten dei d'Liewen zählt.

Et wor emol e jonke Student;
He wor Kässier am LSK newent dem Président





OP der Tele huet heen sech munchmol Ralley ugesinn;
Wat waar dat e Wahnsinn..






De daat doten muß ech ach mol probeieren huet den sech geduecht.
A promt outzen a ch Schon am Auto a sot. : "Ralleyfuehrer gitt gutt uecht!



Daat Rallyfueren, dant kast vill Geld
wann een no all Handbremszahen e Baam fällt.







Leise rieselt der
Schnee
Still und . . . . .

No sengem Openthalt an der Klinik
Ginn se him Kretschen; wordet nët schlëch!





(Apropos Kretschen,
nit Gretschen well
soß misste mer
d'Seite vergreiseren)

Me domader hot den och seng Nout
well déi waren bual senger Dout.







Lo leit heen an sengem Bett
an denkt un Kett
Well uni Been
do get et heen




Game over

## Marktorientierte Produktgestaltung



## Déi intelligent Säit







## Zu Protokoll gegeben

**Auszüge aus Aussagen, die von Polizei und Gendarmerie zu Protokoll genommen wurden:**

**Unbekannte Stuhlart**

... un certain nombre de fauteuilles et de chaises non définées ...

**Gestört**

... die verbrochenen Leuchten ...

**Seltenes Stück**

... ein Kamelamantel ...

**Wortschöpfer**

... ein waages Signalement ...

**Weltkundig**


... Sahir (statt: Zaire) ...

**Eigenartige Konstruktion**

... Der vordere Schlauchreifen war geplatzt. An demselben ist die Lenkstange nebst dem rechten Fußtritt verbogen ...

**Verwirrend**

... begaben sich die 8 Gäste in das 1. Stockwerk des Immöbels. Erstprotokollierender begab sich sofort ins Treppenhaus und schloß sich als letzter der Flüchtlingskolonne an ...





Ass daat do ehnen de Bacardi?



PINO, FAIS DES SACRIFICES!



## Der Zweck der Schule?

Wie scheinbar viele andere Luxemburger beschäftige ich mich gerne damit, über ein konstruktives Schulsystem nachzudenken. So habe ich mich gefragt, welchen Zweck die Schule erfüllen sollte. Ohne hier weiter zu argumentieren, bin ich zu der Überzeugung gekommen, daß die Schule, neben der Vermittlung von fachlichem Wissen, heute auch verstärkt auf das Leben in der Gesellschaft und in einem Arbeitsumfeld vorbereiten sollte. Bei dem schnellen Wandel, dem wir unterliegen, wirft jede Neuerung neue moralische und gesellschaftliche Fragen auf, und irgendwann müssen wir fähig sein, Antworten auf diese Fragen zu finden. Dies ist ein Grund Aufgeschlossenheit und Engagement zu zeigen.

So ist dieser Leserbrief als ein Aufruf an alle Eltern, Lehrer und Professoren zu verstehen, doch nicht nur das rein Fachliche zu sehen, sondern Jugendlichen und Kindern auch zu zeigen, daß die Probleme unserer Zeit auch ihre Probleme sind und mehr denn je Lösungen erfordern. (...) ◄— !!

Sehr positiv habe ich in meinem bisherigen Studium die Sensibilisierung für Probleme erfahren, doch jetzt ist es an der Zeit, auch mal über Lösungen zu reden und so auch die verschiedenen Blickwinkel und Standpunkte zu entdecken. Eine moderne Berufsausbildung sollte nicht mehr nur das rein fachliche Wissen beinhalten sondern auch eine Konfrontation mit den gesellschaftlichen Folgen dieses Wissens begreifen.

Hier ist das Schulsystem gefordert, in Zeiten schneller gesellschaftlicher und technischer Entwicklung diese Lücke in der Erziehung der Eltern zu füllen.

Claude Loullingen, Student

Wann een päischt ze din huet ...

## Weltmeister im Trinken

MELBOURNE (ap). Die Deutschen sind im Bier- und Schnapstrinken unangefochten „Weltmeister". Das ergab eine Studie des Verbandes der australischen Spirituosenindustrie, die jetzt in Melbourne veröffentlicht wurde. Demnach trank 1990 jeder Bundesbürger 141,1 Liter Bier und 5,2 Liter „harte" alkoholische Getränke. Der meiste Wein wurde der Erhebung zufolge mit 73,1 Litern je Einwohner in Frankreich getrunken. In reinem Alkohol gemessen führt allerdings mit 12,3 Litern Luxemburg, während Algerien mit nur 0,2 Litern Schlußlicht in der Tabelle mit 48 Ländern wurde. Die australische Studie stellte weiter fest, daß Anfang der 90er Jahre weltweit rund zehn Prozent Alkohol weniger als zu Beginn der 80er Jahre getrunken wurde. In Australien, vor einem Jahrzehnt noch in einer Spitzenstellung beim Alkoholkonsum in der Welt, sei der Rückgang mit 20 Prozent sogar überdurchschnittlich gewesen.

Prost!

a séier heem, Fierschten!






S.A.T.R.I.
c.a. de Transport et
Récupération d'Ivrognes

Bois le donc, le
rue Paul Ricard, 51

Harry, dat ass fir dech, da brauchs du nët méi op Bus-arrêt en ze schlofen !!

Monsieur,

Il ressort d'une enquête effectuée dans votre entourage que votre penchant inné pour la bouteille met votre vie en péril à chaque retour au domicile après de multiples libations.

Débarassez-vous de cette hantise et buvez à votre guise grâce à notre société ! En effet, la SATRI a mis au point un service de ramassage d'ivrognes dont vous faites partie, qui leur permet, moyennant une modeste contribution, de regagner leurs pénates sans aucun risque. N'ayez plus le complexe du gendarme car, au vu de notre tarif ci-dessous, vous comprendrez que pour une somme minime, peu vous importera que l'on trouve ou non des traces de sang dans votre système alcoolique et vous pourrez profiter sans honte de vos nombreuses soirées de cuite.

**TARIF** (*)

Enlèvement au débit de boisson.

Transport jusqu'au domicile en :

| | |
|---|---|
| - brouette avec déversement devant la porte | 25.- |
| - charrette à chiens (plus confortable) | 100.- |
| - corbillard à cheval (très pittoresque) | 150.- |
| - voiture de la firme | 500.- |
| - voiture banalisée avec rideaux aux fenêtres (particulièrement discret) | 750.- |

**OPTIONS**

| | |
|---|---|
| - introduction de la clef dans la serrure | 25.- |
| - dépôt du corps avec ménagement | 50.- |
| - déshabillage et mise au lit | 200.- |
| - idem sans réveiller madame | 500.- |

Nous ne doutons pas que la présente retiendra tout votre attention et, espérant vous compter très bienôt dans notre clientèle, nous vous prions de recevoir ici, Monsieur, nos plus sincères salutations.

C. BUSSEC
Administrateur

(*) Sur simple demande, nous vous adressons volontiers nos tarifs spéciaux "Abonnement" et "Groupes" (de 30 personnes en tombereau, à 200 personnes par semi-remorque à benne basculante).

**Poésie**, oder wenn een elfankt van rosa Elephanten gedreemen.

# Der Alkohol

Ich hatte 20 Flaschen Whisky im Keller, als ich erfuhr, daß der Alkohol der größte Feind der Menschen sei. Also beschloß ich, den verderblichen Stoff in den Ausguß zu schütten.

Ich zog den Korken aus der Flasche und goß den Inhalt ins Becken mit Ausnahme von einem Glas, das ich trank. Es war ein großes Glas.

Danach zog ich den Korken aus der zweiten Flasche und goß den Inhalt ins Becken mit Ausnahme von einem Glas, das ich trank.

Dann zog ich den Korken aus der dritten Flasche und goß den Inhalt ins Becken mit Ausnahme von einem Glas was ich trank.

Dann zog ich den Korken aus der vierten Flasche, die ich trank mit Ausnahme von einem Glas. Das goß ich ins Becken mit Ausnahme von der fünften Flasche.

Dann korkte ich das Becken aus der Flasche und trank ein Glas. Die sechste Flasche warf ich ins Glas und trank aus dem Becken mit Ausnahme von dem Korken.

Dann zog ich mich aus dem Becken und flaschte den Trank aus dem siebten Glas, das ich korkte.

Dann warf ich die nächsten vier Becken aus dem Fenster und aß sieben Korken, mit Ausnahme von der Flasche, die ich trank.

Dann goß ich mir zwei Glas übers Becken und zählte 37 Flaschen.

Dann trank ich elf Glase und korkste ins Becken.

Dann glaste ich alle Korken und beckte vierzig Flaschen mit Ausnahme von einem Schnapswhisky, aber ich bin nicht so betrinkt wie manche denken Leute mit Ausnahme von einem Glas mit dem Korken und leckte das Becken aus.


En Tréier Déier, dest Problemer matt-OH huet!

BETZIUNING

an Zesummenarbechtmatdem Lustbazar.



LISEZ TOUJOURS LE MANUEL D'INSTALLATION
AVANT DE RACCORDER UN APPAREIL.



## *UMFRAGE*

Um den luxemburgischen Schülern die Entscheidung zwischen "enseignement secondaire classique oder technique" zu erleichtern, möchte ich alle **LSK**-Mitglieder dazu auffordern diese Umfrage auszufüllen und an *Daniel Ferron Beethovenstr. 52 D- 67655 Kaiserslautern* zu schicken oder sie ihm persönlich auszuhändigen. Die Auswertung kann nur representativ sein falls genügend Bögen ausgefüllt und abgegeben werden.

Danke im voraus **CPOS**
Luxembourg

Alter_ _ Jahre

Studiengang_ _ _ _ _ _ _ _ _

Semester_ _

Ich habe in Luxemburg folgende Schule besucht_ _ _ _ _ _ _ _ _
_ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _ _

Das angegebene Studium fällt mir *sehr leicht* ☐
*leicht* ☐
*schwer* ☐
*sehr schwer* ☐

Ich fühle mich gegenüber deutschen Studenten eher *bevorteiligt* ☐
*benachteiligt* ☐

Ich bewerte meine Grundausbildung als *mangelhaft* ☐
*ausreichend* ☐
*gut* ☐



